



# AKER WËLL KRAIDER

## SCHUTZAKER

De Programm Schutzaker kann ab mind. 20 Ar Parzellegréisst fir 5 Joer ofgeschloss ginn.

Ënnert d'Conditione falen z. B.:

- eng organesch Düngung (max. 130 kg/ha/Joer) ass erlaabt
- et duerfe keng Pestiziden ugewant ginn
- et muss e Wiessel am Ubau vun de Kulture wärend mind. 3 Joer stattfannen
- no der Recolte muss d'Stoppelfeld bis zum nächsten Uséine stoe bleiwen
- et duerf keng mechanesch Onkrautbekämpfung stattfannen
- d'Saatgutdicht muss ëm 25 % reduzéiert sinn
- wa keng vun de kleng seelene Akerwëllkraider virkommen, gëtt Som aus heemescher Originne ausgeséint.

Primm: 900 bis 1.350 €/ha jee no Variant

Wann Dir interesséiert sidd un engem Biodiversitéits-Programm um Aker deelzehuelen oder lech einfach weider Informatiounen wënscht, mellt lech gäre beim SICONA:

### Fanny Schaul

fanny.schaul@sicona.lu  
26 30 36-37

### Linda Tagliero

linda.tagliero@sicona.lu  
26 30 36-74

### Michel Diederich

michel.diederich@sicona.lu  
26 30 36-46



Impressum:  
Text: V. Laschet & S. Schneider  
Fotos: SICONA & S. Schneider  
Layout: K. Scholtes  
© Update 2024

## WIERKLECH SOU SCHLËMM

## WÉI HIRE RUFF?



Eng wëll Bei op der Kaarblumm



# AKERWÉLLKRAIDER

## WAT SINN AKERWÉLLKRAIDER

### EIGENTLECH?

Bei den Akerwéllkraider handelt et sech ëm (meeschtens eejäreg) Planzen, déi un den Akerbau, also déi reegelméisseg Buedem-beaarbechtung, d'Entwécklung a Recolte vun der Kultur, ugepasst sinn an dës Bewirtschaftung souguer brauche fir ze iwwerliewen.

Se hunn en éischer schlechte Ruff, well dës „Onkraider“ (meeschtens) ongewollt an ouni Awierke vum Mënsch tëschent de Kulturplanzen optauche kënnen. Wat vill Leit awer net wëssen: Déi kleng Akerwéllkraider sinn extrem konkurrenzschwach a beaflossen den Ertrag vun den Notzplanze kaum.

## DE RÉCKGANG VUN DEN AKERWÉLLKRAIDER

Duerch de Strukturwandel zanter den 1960er Jore sinn d'Akerwéllkraider staark zeréckgaangen a sinn och ëmmer nach um zeréckgoen. Virun allem duerch d'Benotze vun Herbiziden, buedemverbesserend Moosnamen wéi Düngung oder Kalkung awer och d'Veerännerung vum Ubau, d'Veerenheetlechung vun den Akerflächen an d'Saagutreinigung si Grënn fir hire Réckgang.

Sou kënnt et, datt haut vill Akerwéllkraider a Gefor sinn oder souguer vum Ausstierwe bedrot sinn. Vun deene ronn 200 typeschen Aarten, déi zu Lëtzebuerg virkommen, steet d'Halschent op der Rouders Lëscht an 20 % si schon ausgestuerwen.

D'Rued (Kornrade) ass leider zu Lëtzebuerg schon ausgestuerwen.



## SEELEN AARTEN



Gewinleche Feldritterspuer – Aker-Ritterspurn



Venus-Fraespigel – Venus-Frauenspiegel



Dräibliederegen Eierepräis – Dreiteiliger Ehrenpreis



Aker-Léiwemäilchen – Aker-Löwenmäulchen



Aker-Kouweess – Aker-Wachtelweizen



Nuets-Compagnon – Aker-Lichtnelke



Rounbliedereg Léiwemäilchen – Eiblättriges Tännelkraut



Sand-Feierblumm – Sand-Mohn



Klinzege Mausschwanz – Kleiner Mäuseschwanz

## FIRWAT SOLLTE MIR

### SE SCHÜTZEN?

Niewent dem Grond, d'Akerwéllkraider wéint hirem eegene Wäert – also aus ethesche Grënn – ze schützen, fir d'Aartevilfalt ze erhalen an dem Ausstierwe vun hinnen entgéint ze wierken, erfüllen se eng wichteg Roll fir aner Liewewiesen. Sou bidden se Narung fir Déieren, z. B. fir somfriesend Vullen a bléiebestäubend Insekten. Och deenen hir Zuel a Verbreedung ass staark um zeréckgoen: De Réckgang vun de Bestäuber ass dramatesch. Virun allem op Akerwéllkraider spezialiséiert Insekten, wéi bestëmmte wéll Beien, leiden ënnert dem Narungsmangel.

## WÉI KANN EE SE SCHÜTZEN?

Et ginn eng Rei Méiglechkeeten dem Réckgang vun de raren Akerwéllkraider entgéint ze wierken. D'Bauere kënnen zum Beispill u prämiébaséierte Vertragsnaturschutzprogrammer vum Lëtzebuerger Staat deel huelen – de Biodiversitéits-Programmer.

Schutzakeren erméiglechen d'Virkomme vu seelene Aarten ze erhalen an ze förderen. Hei kommen also nach rar Akerwéllkraider vir. D'Parzelle ginn extensiv bewirtschaft. Op den Asaz vu Planzeschutzmittelen, mechanesch Onkrautbekämpfung an Ennersaat gëtt verzicht. Och en e bësse méi groussen Ofstand tëschent de Reien hëlleft de klengen Aarten fir ze iwwerliewen.

Schutzaker

